



**ALEM**  
Association Luxembourgeoise  
des Etudiants en Médecine



## Louis – München, Däitschland – 5. Joer

### Juli 2023 – Stockholm, Schweden

Am Oktober 2022 hun ech zimmlech spontan décidéiert, eng Bewerbung fir de SCOPE Exchange Programm ze schreiwen. Ech sot mir, dass een net immens oft d'Méiglechkeet kritt, een organiséierten Stage am Ausland ze maachen an hat och scho vun anere Studenten nëmme Guddes vun den SCOPE-Exchanges héiren. Ech hat scho während menge Studien een Erasmus an der Schwäiz gemaach an déi Erfahrung war esou positiv, dass ech nees d'Loscht kruut am Kader vun mengem Medizinstudium aner Länner a Gesondheetssystemer kennenzelëieren.

D'Länner, déi mech am meeschten intéresseiert hunn, ware Kanada, Schweden an d'Schwäiz. D'Bewerbung u sech, als éischt iwwert d'ALEM a méi spët dann iwwer déi zentral Verdeelungsplattform vun der IFMSA, ass ganz onkomplizéiert ofgelaf, et misst een seng Preferenzen zu Stad a Spécialitéit ungin. Sou krut ech Ufank Januar eng fest Zouso vir Schweden an finalement géint Mee mäi Stage am Karolinska Institute zu Stockholm confirméiert.

Insgesamt waren 20 international Studenten, déi de ganze Juli zu Stockholm verbruecht hunn. Mir hun all an dem selwechten Studentenwunnheim gelieft, bëssen ausserhalb vu Stockholm. Dat war souwuel fir d'sozial Liewen richtig praktesch, wéi och fir de gemeinsamen Trajet bis an d'Spidol moies an de Retour am Nomëtten. Vun eisem Studentenheem bis bei d'Karolinska Huddinge Klinik misst een schon eng gudd Stonn Trajet aplanen, mee d'Transportmëttelen zu Stockholm si richtig gutt organiséiert an ech sinn och ëmmer mat den anere Studenten moies gependelt.

Ech krut vun Ufank un eng Kontaktperson zu Stockholm zougedeelt. Dat war richtig praktesch, virun allem am Ufank fir generell Froen ze stellen (wat muss ech onbedengt matbringen, etc). Déi Kontaktperson ass mech och mäin éischten Dag op d'Gare siche komm, ass mat mir meng Transportkaart siche gaangen an huet mir och meng Kummer gewisen. D'Organisation war also wierklech top!

Schwedeschen Alldag an Gesondheetssystem: D'Schwede si bekannt fir hiren entspannten a gemoossegte Liewensstil, wat sech och am Spidol bemierke léisst. Et war schon eng positiv Iwwerraschung am Ufank matzékriien, dass all Mënsch sech duzt, suguer d'Dokteren mat de Patienten! D'Stëmmung am Spidol war ganz locker, wat een elo vu Länner wéi Däitschland oder Lëtzebuerg net esou kennt. Sou huet een zum Beispill all Dag moies zesumme Kaffi gedronk mat all den Dokteren an d'Schwesteren vum Stack. All Mataarbechter hat och Accès un de Fitness vum Spidol an normalerweis ass een all Dag um 16 Auer heem gaangen, Freides suguer schon um 15 Auer.



**ALEM**  
Association Luxembourgeoise  
des Etudiants en Médecine



An der éischter Woch goufen déi 4 SCOPE Studenten an der Huddinge-Klinik suguer vun engem Oberarzt bei sech heem invitéiert fir ee gemeinsamen Apéro op senger Dachterrasse ze maachen!

D'Schwedescht Gesondheetssystem ass international unerkannt an effizient. Während mengem Openthalt hunn ech d'Chance gehat, direkt mat deem Gesondheetssystem ze interagieren. Mäin Openthalt war am Huddinge Hospital, wou ech an den "surgical emergencies" geschafft hunn. Et kann een sech dëst bëssen als Zwëschestatioun vun den Urgences an dem OP virstellen. De Gros vun de Patienten war entweder fir Appendektomien oder Cholecystektomien do, mais heiansdo hat een och méi schwéier an interessant viszeralchirurgesch Fäll, et also wierklech vun bis gängen.

D'Sprooch war elo net esou een groussen Problem, well déi meescht Schwede perfekt Englesch kennen an ech och souwéissou méi am OP tätég war. Statiounsaarbecht hun ech wéinst der Sprooch elo manner gemaach, mee suguer mat Englesch an Däitsch konnt ee schon vill Schwedesch verstoen.

Ech duerft sou oft ech wollt am OP mat assistéieren, wat mir richteg gefall huet. Suguer wann mir keng Ops geplangt haten, duerft ech emmer aner OPs kucke goen oder suguer do mat assistéieren, zB an der Transplantatiounschirurgie oder an der Plastescher. Insgesamt waren d'Dokteren ëmmer immens léif, hunn ëmmer gären op Froën geäntwert an hunn no enger Zäit d'Studenten emmer méi maachen geloos.

Fräizäit zu Stockholm: Während senger Fräizäit konnt een dann och Stockholm wierklech entdecken. D'IFMSA-Sweden ass eng rieseg Organisatioun, déi Studenten zu Stockholm nëmmen am Juli accueilléiert, wat heescht dass scho vun Ufank u vill Aktivitéiten am Viraus geplangt waren. Mindestens 2 Mol pro Woch gouf dann eng Aktivitéit vun der IFMSA organiséiert (an bezuelt!), sief et een Dinner, Bowling Owend, Visite vum Vasa Museum, International Lunch, Visite vun Djurdgarden, Kayak, Trip op Gottland, etc. Sou konnt ee vun Ufank un vill Zäit mat den anere Studenten verbrennen, se besser kenneléieren an dann och déi aner Deeg ënnert sech Sachen ënnerhuelen an d'Stad erfuerschen. Stockholm ass eng mega Stad, suwuel wat d'Architektur wéi och d'Natur ugeet. Well et aus 14 klengen Insele besteet, ass een och bal ëmmer direkt niewent dem Waasser, wat ee richtege Plus bei guddem Wiederder ass.



# ALEM

Association Luxembourgeoise  
des Etudiants en Médecine



## Resumé:

Mäi SCOPE Exchange am Karolinska Institute zu Stockholm war eng onvergesslech Erfahrung. Ech hunn net nëmmen méi iwwe d'Medezin geléiert, mee och d'schwedesch Kultur an de Gesondheetssystem entdeckt. Ech sinn dankbar fir d'Geleeënheet déi ech hat, souvill interessant nei Leit kennenzelëieren, an enger neier Stad ze liewen an Souvenire fir de Rescht vu mengem Liewen gemeet ze hun. Ech kann nëmme jidderengem recommandéieren d'Geleeënheet ze notzen iwwert d'ALEM/d'IFMSA e Stage ze maachen. Vun Ufank un war alles richteg gutt organiséiert an et hat een zu all Moment en Uspriechpartner zu Lëtzebuerg an och a Schweden, op deem ee sech verloossen konnt. Insgesamt giff ech behaupten, dass all Erfahrung am Ausland engem immens vill brengt fir seng Horizonten ze verbreedden, a mäin SCOPE Exchange zu Stockholm huet dëst definitiv erfëllt.